Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

**Här Gast Gibéryen**
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 NOV. 2018
61

Lëtzebuerg, den 26 November 2018

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister Dan Kersch weiderzeleeden.

*Den 1. Juli 2018 ass dat neit Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der sécurité civile an der Schafung vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) a Kraaft getrueden. Zenter dësem Datum sinn eng Rei Méint verstrach an déi éischt Konsequenze vun dëser ëmfaassender Reform zeechnen sech of. Leider muss ee feststellen, dass vill Betraffener net zefridde mat gewësse Verännerunge sinn an sech net hireichend iwwert d'Changementer forméiert fillen; A klenge Pompjees- a Rettungsdéngschtzentere feelt et am Dag oft u Personal, d'Volontairë wësse bis elo net, wéi hiert Engagement wäert remuneréiert ginn an d'Leit um Terrain beschwéieren sech iwwert eng onduerchsichteg Strategie bei der Verdeelung vun Asätz tëscht de verschiddenen Zenteren am Land.*

*An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Inneminister dës Froe stellen:*

- *Wei dachs ass et zanter dem 1. Juli 2018 am Dag virkomm, dass Pompjees- a Rettungsdéngschtzenteren net operationell waren, well déi virgeschriwwe Mindestzuel un asazbereete Persounen net erreecht gouf? Wei oft war dëst nuets de Fall? Wei eng Mesurë si getraff ginn, fir en eventuellen Personalmangel ze behiewen?*

- *Ass de Reglement vun der CGDIS iwwert d'Indemnisatioun vun de Volontairë bei de Pomjees- a Rettungsdéngschter zum aktuellen Zäitpunkt scho vum Regierungsrot ugeholl ginn?*
  *Falls d'Äntwert positiv ausfält: Wéi sinn déi Betraffen iwert d'Inhalter informéiert ginn?*
  *Falls d'Äntwert negativ ausfält: Firwat läit nach keng Approbatioun fir?*

- *Wéi vill erwuesse Persounen hunn hiert Volontariat bei de fräiwëllege Pompjeeën oder beim Rettungsdéngscht zanter dem 1. Juli 2018 niddergeluecht a wei vill hunn zanter dësem Datum nei ugefaangen? Wei vill dovun koumen aus den Jugendsektiounen? Wei gesinn des Zuele fir d'Joer 2016 an 2017 aus?*

- *No wei enge Kritäre gi bei engem Noutfall d'Zenteren, déi kontaktéiert ginn, ausgewielt a wei ginn des Kritäre gewiicht?*

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 2 janvier 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 JAN. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, blvd Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°61 de l'honorable Député Sven Clement au sujet du Corps grand-ducal d'incendie et de secours**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina BOFFERDING

**Äntwert vun der Madame Inneministerin, Taina BOFFERDING, op d'parlamentaresch Fro n° 61 vum honorabelen Deputéierten, Sven CLEMENT**

Zu der 1. Fro :

Ee Réckgang vun der Disponibilitéit vun de Fräiwëllege war ee vun de Grënn déi zur Reform vun de Rettungsdéngschter gefouert hunn. Effektiv ass et net einfach fir ëmmer genuch Fräiwëlleger ze hunn. Dës Ausfäll sinn awer ganz variabel et hänkt zum Beispill dovun of ob grad Schoulvakanz ass oder net. Dëst Phänomen kann een och gutt an anere Länner observéieren, an deenen d'Rettungswiesen haaptsächlech op Fräiwëlleger opgebaut ass, wéi bei eisen Noperen an Däitschland.

Ech sinn awer frou Iech matdeelen ze kënnen, datt bis elo de Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) all Asaz, deen iwwer d'Asazzentral CSU-112 gemellt gouf, erfollegräich konnt ofwéckelen.

Am Kader vum Plan national d'organisation des secours (PNOS), deen am Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwer d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet an d'Schafe vum CGDIS definéiert ass, ass d'Direktioun vun der "Stratégie opérationelle" am Gaang, eng detailléiert Analyse iwwer d'Disponibilitéit vun all eenzelen Asazzenter ze maachen, fir kënnen op Basis vu verlässlechen Zuelen eng Strategie fir déi nächste Joren ze definéieren.

Am "Règlement opérationnel" vum CGDIS sinn elo scho verschidden Dispositioune virgesinn, fir sécherzestellen, datt déi operationell Couverture am Fall vun engem temporaire Personalmangel trotzdem séchergestallt ass.

D'Direktioun vun der "Coordination opérationelle" kontrolléiert donieft regelméisseg d'Besatzunge vun den Ambulanzen a kontaktéiert, zesumme mat den Zonecheffen, déi concernéiert Zentercheffen, wann et op enger Plaz en Enkpass gëtt. Zousätzlech huet de CSU-112 Zougrëff op en informatesche Programm, deen et erlaabt, op enger Kaart e séieren Iwwerbléck iwwert d'Besatzung vun den Ambulanzen ze kréien, fir fréizäiteg kënnen ze reagéieren.

De Règlement opérationnel gesäit och fir, datt wann een Zenter bei enger Alarméierung net op de noutwennege Minimum u Personal kann zréckgräifen, de Sektiounschef vum Asazgefier dëst dem CSU-112 ka matdeelen. Dëse kann doropshi weider Verstäerkung alertéieren. Den ugangs alarméierte Won soll trotzdem op d'Asazplaz fueren, fir méiglechst séier Éischt Hëllef ze leeschten. Duerch dës Mesure ass séchergestallt, datt séier Hëllef op der Asazplaz antrëfft, datt awer och ëmmer genuch Leit kënnen noalarméiert ginn.

Zënter dem Schafe vum CGDIS konnte weider Mesurë getraff ginn, fir d'Disponibilitéit ze verstäerken. D'Gesetz vum 27. Mäerz 2018 beschreift d'Aféierung vun der "Garde casernée" a gesäit vill Mesuren en Faveur vum Volontariat vir. D'Departement vun de fräiwëllege Pompjeeën ass am Gaangen eng Strategie ze entwéckelen, fir an den nächste Joren de Rekrutement an dono den Encadrement vu fräiwëllege Membere weider ze verbesseren.

Des Weidere gëtt un enger neier Plattform fir d'Déngschtplanung geschafft, déi et de Fräiwëllege wäert erméiglechen, sech iwwer eng Websäit sou wéi spéider eng APP, méi einfach a kuerzfristeg disponibel ze mellen oder op eng Déngschtlëscht ze schreiwen.

Zu der 2. Fro:

D'Reglement iwwert d'Indemnisatioun vun de Volontairë gouf de 26. Juli 2018 vum Verwaltungsrot vum CGDIS arrêtéiert an de 7. September 2018 vum Regierungsrot approuvéiert. De 15. Oktober 2018 huet de Generaldirekter vum CGDIS d'Zentren an d'Spezialgruppen an enger Note de service iwwer den Inhalt informéiert.

Zu der 3. Fro:

Zanter dem 1. Juli 2018 krut de CGDIS 37 Demissiounen an 138 Demandë vu Leit déi operationelle Pompjee wëlle ginn. Vun deenen 138 Leit waren der ronn 30 virdrun aktiv Jugendpompjeeën. Doduerch datt dës Zuele virum Akraafttriede vum Gesetz vun de lokale Corpsen, der Verwaltung vun de Rettungsdéngschter an der Pompjeesfederatioun getrennt an dezentral erhuewe goufen, war et net méiglech e globaalt Bild vun der Situatioun vu virum 1. Juli 2018 ze kréien. Duerch d'Reform ass et dem CGDIS méiglech eng zentral Erfaassung an den nächste Joren, d'Engagement an d'Evolutioun vu fräiwëllege Pompjeeë méi genau z'analyséieren an z'ënnerstëtzen.

Zu der 4. Fro:

De CSU-112 huet am Kader vum Asazleedsystem (ELS) eng national an eenheetlech Alarm- an Ausréckuerdnung (AAO) definéiert, déi jee no gemellter Situatioun (z.B. Feier an engem Eefamilljenhaus, Autosaccident mat enger ageklemmter Persoun op der Autobunn, asw.) weess, wéi eng a wéi vill Asazmëttel mussen alarméiert ginn. Sou ass séchergestallt, datt iwwerall am Land déi nämmlecht Hëllef op d'Asazplaz geschéckt gëtt.

Zousätzlech schafft den Operateur vum CSU-112 mat engem esougenannte standardiséierten "Notrufabfrageprotokoll", engem Programm dee mam ELS verbonnen ass fir hie mat standardiséierte Froe bei senger Dispositioun z'ënnerstëtzen an no der Requête eng passend Alarmstuf proposéiert. Dëst stellt sécher, datt duerch objektiv Kritären a vergläichbar Asazsituatiounen, ëmmer déi nämmlecht Alarmstuf ermëttelt gëtt an déi nämmlecht Asazmëttel alarméiert ginn.

Bei engem Brandasaz oder enger technescher Interventioun gëtt de "lokal" zoustännegen Asazzenter ëmmer als éischt geruff. Néidege Renfort gëtt no enger Routing Prozedur ausgesicht. Iwwer den Digitalfunk RENITA kennt de CSU-112 d'GPS-Positioun vun all Asazgefier a kann esou dee séierste Renfort no alarméieren.

Bei engem Ambulanzasaz benotzt de CSU-112 dës Routing Funktioun och systematesch. Sou kann eng Ambulanz, déi sech um Réckwee aus dem Spidol an net wäit vun engem gemellten Noutfall befënnt, direkt alarméiert ginn an op d'Asazplaz fueren, wat d'Antreffzäite systematesch erofsetzt.

Bei engem Groussasaz gëtt de Centre de gestion des opérations (CGO) aktivéiert. Dësen huet d'Aufgab, de Renfort fir den Asaz ze organiséieren, awer gläichzäiteg d'Couverture vum Rescht vum Land sécherzestellen. Am Fall wou méi Zenteren aus enger Géigend zäitgläich op enger Asazplaz engagéiert sinn, kënnt et vir, datt een Asazzenter vu méi wäit ewech geruff gëtt. Sou ka séchergestallt ginn, datt fir all weideren Asaz Asazkräften zur Verfügung stinn.